DAACHVERBAND VUN DE LËTZEBUERGER JUGENDSTRUKTUREN

Avis betreffend der Stress-Enquête

Säit der Assemblée Générale vum Mee 2019 huet den DLJ en neie bénévole Qualitéitsbeoptragten, den Delegéierte vun der Graffiti ASBL, Här Marc Seiler. Gemeinsam mam Qualitéitzirkel a mam Service Stratégie huet hien als Haaptmissioun d'Duerchféierung vun enger Enquête iwwer de Stress vum Personal an de Jugendhaiser lancéiert. Dës ass eng weider Demarche am Hibléck op déi laangjäreg Analys vun der relativ héijer Personalfluktuatioun am Sektor.

Am Mount Juli kruten 180 Jugendaarbechterinnen a Jugendaarbechter déi Enquête perséinlech zougeschéckt, fir si bis 1. September 2019 auszefëllen an ouni Fraisen zeréck ze schécken.

De Retour beleeft sech op 49 Questionnairen. Am Hibléck op d'Geschlechterverhältnis gëtt et eng Paritéit tëscht de Fraen an de Männer. D'Majoritéit vun de Persounen déi un der Enquête deelgeholl schaffen an enger klenger Struktur, an ongeféier ¼ a méi engem grousse Betrib mat iwwer 100 Salariéen.

Am Folgende ginn déi Haaptresultater beschriwwen an deelweis Réckschlëss op méiglech Verbesserungsmoossname geholl:

<u>Salarié'en am Jugendsekteur si bis op Eenzelfäll net gestresst.</u>

Et léisst sech festhalen, datt d'Salarié'e am Jugendhaussektor generell net gestresst sinn. Trotzdeem ginn et Eenzelfäll, déi uginn, haaptsächlech privat subjektive Stress z'empfannen, wat Auswierkungen op d'Qualitéit vun der Aarbecht huet. Dës Eenzelfäll sollen eescht geholl an adequat Ënnerstëtzungsofferen ugebuede ginn.

<u>Kollaboratioun tëschent Patronat a Berodungsstelle soll ausgebaut ginn.</u>

An deem Zesummenhang si Berodungsstellen an aner psychosozial Servicer vu Wichtegkeet. Heibäi gëtt sech den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen d'Aufgab, d'Träger op déi Thematik ze sensibiliséieren an iwwer Hëllefsofferen z'informéieren.

<u>Stress entsteet net duerch d'Aarbecht, mee éischter duerch extern Ausléiser.</u>

Déi wéineg Persounen, déi uginn, wéinst der Aarbecht Stress z'empfannen, nennen als Haaptgrond d'Aarbechtszäite vun der Jugendstruktur.

Déi wéineg Jugendaarbechterinnen a Jugendaarbechter, déi Stress op der Aarbecht duerch extern Faktoren hunn, ginn un, dass si de Stress duerch Partner wéi SNJ, MENJE oder och Gemeng empfannen. Hei ass vu kengem Salarié den Employeur als Stressfaktor opgezielt ginn.

Krankmeldungen sinn net duerch Stress verursaacht.

En plus sinn d'Krankmeldunge vum Personal an de Jugendhaiser majoritär net op Stress zeréckzeféieren.

Allgemeng Bewäertung duerch den DLJ

Ofschléissend léisst sech zeréckbehalen, datt den DLJ zefridde mam Gesamt-Bilan vun der Stress-Enquête ass. Et ass berouegend, datt mat der Stress-Enquête eng weider méiglech Erklärung vun der Fluktuatioun beim Personal ausgeschloss ka ginn. D'Employeuren si frou doriwwer, datt de Stress bei de Jugendaarbechterinnen a Jugendaarbechter aktuell esou gutt wéi keen Thema ass. Do wou Eenzelfäll bestinn, wäerten si sech ënnerstëtzend fir hiert Personal asetzen.

Lëtzebuerg, am Januar 2020

De Conseil d'Administration mam Qualitéitszirkel

- *An der Annexe d'quantitativ Auswäertung vun der Enquête*